N°4277
Entrée le 21.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4277 vum 19. Juni 2026 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro ob et méiglech ass op der Avenue de l'Europe (N31) zu Péiteng, tëscht dem Tunnel Biff an dem Tunnel op der Héicht vum Site WAX zu Péiteng, ee Radar ze installéieren.

*Fro 1: Ass et méiglech, fir op dësem Streckendeel ee Radar z'installéieren?*

Technesch gesinn wier d'Installatioun vun engem Radar op der N31 zu Péiteng, tëscht dem Tunnel Biff an dem Rond-point Église, méiglech. D'technesch Machbarkeet eleng ass awer net ausschlaggebend fir eng Installatioun. Eng Decisioun an deem Sënn gëtt op Basis vun enger Rei vu Krittäre analyséiert a bewäert.

*Fro 2: Falls jo, wäert ee Radar op dësen Streckendeel vun der Collectrice installéiert ginn?*

Am Kader vum Aarbechtsgrupp "*Audits de sécurité*" ginn d'Accidenter an d'Accidentologie op de verschiddene Staatsstroossen analyséiert, fir méiglech infrastrukturell Ursaache vun den Accidenter ze identifizéieren an ze evaluéieren, a wéi d'Verkéierssécherheet duerch geziilte bautechnesch Mesurë ka verbessert ginn.

Am Kader vun der nationaler Verkéierssécherheetsstrategie féiert d'Stroossebauverwaltung zousätzlech säit 2012 all dräi Joer accidentspezifesch Analysen duerch. Dobäi ginn ausseruerts all Staatsstroossen op méiglech infrastrukturell Problemer ënnersicht.

Op Basis vun dësen Etüde ginn déi Streckenofschnëtter, bei deenen een erhéicht Sécherheetsrisiko festgestallt gëtt, duerch streckespezifesch Inspektiounen méi detailléiert analyséiert. Dëst erméiglecht et, infrastrukturell Schwaachstellen ze identifizéieren an, wou néideg, duerch passend Mesuren ze behiewen.

Wat speziell d'Installatioun vun engem Radar op der genannter Plaz ugeet, gesäit d'Mesure 13 vum nationale Plang "Sécurité routière 2024–2028" follgendes vir:

« *Les radars tronçons et les radars automatiques offrent une surveillance constante, surtout sur les routes redoutées comme accidentogènes*. »

D'Bewäertung vu méiglechen Emplacementer fir Radaren erfollegt op Basis vun dräi objektiven an transparent moossbare Krittären. Dobäi ginn notamment d'Unzuel vun den Accidenter, hir Gravitéit (Blesséierter an Doudeger) souwéi d'Roll vun der Vitess als ausléisenden oder verschäerfende Faktor berécksiichtegt. Dës Methodik garantéiert eng kohärent, landeswäit vergläichbar an evidenzbaséiert Prioriséierung.

No der aktuell applizéierter Evaluatiounsmethodik an baséiert op den Donnéeë vun der Referenzperiod vun de leschte fënnef Joer, besteet de Moment keng objektiv Grondlag, fir op deem genannte Streckenofschnëtt e Radar z'installéieren.

Lëtzebuerg, den 20.07.2026

Ministesch fir Mobilitéit an
ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes